

De Guide vum Sortéieren

Selektiv Kollekt vu Verpackungsoffäll aus den Haushalten


**Wat gehéiert
an d'blo Tut?**



D'Industrie verflucht sech via d'VALORLUX am Grand-Duché, eng global an nohalteng Léisung fir d'Verwäertung vun den Haushaltsverpackungsoffäll ze fannen, déi besonnesch d'Gewiicht vun den Emballagen erfetse soll.

Allgemeng soll ee probéieren:

- iwwerflësseg Emballagen ze vermeiden;
- d'Verbreedung vun neie Verpackungen op ee Minimum ze reduzéieren;
- méi Emballagen ze gebrauchen, déi sech liicht asammelen, zortéieren a recycléiere loosene;
- d'Quantitéit u Matière an Stoffen, déi a Verpackungen benotzt ginn, ze reduzéieren, andeems een d'Gewicht vun der Verpackung verkleinert;
- d'Emballagen, déi ee kann noutze, ze begéinstegen, wann hiren Ökobilanz positiv ass;
- Verpackungen ze privilegiéieren, déi een e puer Mol ka gebrauchen (z.B. Akafstuten, mat deenen een e puer Mol kann akafen, aplan Tute fir no engem Akaf ewech ze geien);
- de Bierger dozou ze bréngen, säi Verpackungsfall ze sortéieren, fir e korrekt kënnen ze recycléieren.



Emballage J0, awer ze vill NEE!

De Wee vun de PMG

Didaktescht Material



Gemend



GRATIS

PMG-Asammlung



Haushalt



VALORLUX-Asammlung

Déi blo PMG-Tut gëtt all
zweu Wochen agesammelt

Sortéieranlag



D'Tute ginn
opgemaach

Verwäertung fir Energiezwecker



Recycling



Fabrike fir Recyclage

Nei Produkter

Tippen an Tricken



Stellt Är PMG-Tut mat Zäit eraus an esou dass een se gutt gesäit...

De Camion kënnt moies ganz fréi, duerfir stellt Är Tuten am beschte viru 6 Auer moies op den Trottoir. Si mussen och gutt vum Camion aus ze gesi sinn.



D'Emballagen müssen eidel a propper sinn.

Hëlleft Ressourcë spueren!
Et brauch ee keng Litere Waasser ze gebrauchen:
e Rescht u Spullwaasser geet duer!




Dréckt d'Verpackungen esou gutt, ewéi et geet, zesummen.

Esou gewannt Dir Plaz an Ärer bloer Tut!



Stiecht d'Verpackungen net aneneen.

Soss si se nämlech vill méi schwéier ze sortéieren!



De „Gréngé Punkt“

De Logo mam „Gréngé Punkt“ symboliséiert den Engagement vum der Firma fir de Recycling. Wann deen um Emballage drop ass, heescht dat, dass fir dës Verpackung e finanzielle Bäitrag un eng national Verwäertungsorganisatioun fir Emballagen (VALORLUX) bezuelt gëtt.

De „Gréngé Punkt“ bedeiit also net, dass d'Verpackung, op där e gedréckt ass, fir de Recycling zeréck geholl gëtt.

E „Gréngé Punkt“ op engem Emballage heescht och net, dass dës Verpackung an d'blo Tut dierf geheit ginn.



Aner Offäll an hier Eliminatioun

Déi Mëttel, déi dem Bierger zur Verfügung stinn, hänke vun der Gemeng of, an der Dir wunnt. Et ginn awer allgemeng Tendenzen.

De Recycling Park (a verschidde Containeren)



- Offäll aus dem Gaart
- verdréchent Blumen
- Elektro-Haushaltsapparater:
Kaffemaschinn, Televisioun,
Radio, Frigo, asw.
- Faïence a Parzeläin: Telleren, Tassen, asw.
- Keramik
- Spigelen
- al Kleeder
- Matratzen
- alt Metall
- Styropor® (Polystyrène)
- Offäll vum Bau
- al Miwwelen

SuperDrecksKëscht® (fir Problemstoffer*)

Info-Tel: (+352) 488 216-1



- Biren
- Luuchten an Tuben
- Gasfläschen a Briqueten
- Tonerkartuschen an Tëntepatrounen
- Schuedstoffverpackungen
- Feierlëscher
- gebrauchten Uelech a Fett aus der Kichen
- alen Uelech, Fett a Benzin
- Faarf a Lack
- Medikamenter, Sprëtzen, asw.
- Pestiziden an Düngemëttel
- Batterien an Akkuen
- Chemikalien
- asbesthaltech Produkter
- Quecksëlwerhaltech Produkter
- Botzmëttel
- Photochemikalien
- Léisungsmëttel
- CDen a Magnéitbänner

* Dës Lëscht ass net komplett

Wat gétt aus Äre Verpackungen?

Plastikfläschchen a –Flaconen



27 PET-Fläschchen



2 PET-Fläschchen



Verpackungen aus Metall



215 Konservendousen



670 Gedrénksdousen



Gedrénkskartongen



100 Gedrénkskartongen

E rouden Autocollant op Ärer bloer Tut?



Wann Dir e rouden Autocollant op Ärer bloer PMG-Tut fannt... Keng Panik! Dee Problem ass séier geléist.



Loosst Är PMG-Tut w.e.g. net um Trottoir stoen. Huelst se eran an huelst de rouden Deel vun Ärem Autocollant erof.



Op dësem rouden Deel sinn déi Saachen drop, déi net an Ärer PMG-Tut dierfen dra sinn.



Huelst all déi Géigestänn aus der bloer PMG-Tut eraus, déi net dra gehéieren. Renseignementen iwwer d'Sortéiere vun de Verpackungen fannt Dir op dem gréngen Deel vum Autocollant, op der PMG-Tut selwer an am „Guide vum Sortéieren“, deen Dir gratis bei Ärer Gemeng kënn kréien.



Maacht d'PMG-Tut erëm zou a stellt se bei der nächster Asammlung erëm op den Trottoir.



Einfach!

An d'blo Tut gehéieren

Gehéiert net an d'blo Tut

P

Plastikfläschchen a -Flaconen



M

Metallverpackungen



G

Gedrénkskartongen



P
M
G

